# Parbréif

**fir d'Par**

**Äischdall-Helpert**
**St.Willibrord**

Wochen vum 15. Juli bis den 15. September 2024

N° 4/24 – Jg 8




GUESS
LA MARTINA
TRUSSARDI
FRED PERRY
LACOSTE
MEPHISTO
Timberland
NeroGiardini
GEOX
TED BAKER LONDON
AERONAUTICA MILITARE
MICHAEL KORS
www.maxpoint.lu
13 Rue d'Arlon L-8399 Windhof
Tél : 39 93 61
Nonnemillen Center
121 Route de Luxembourg L-6562 Echternach
Tél : 26 72 08 90
bratex.lu

St. Willibrord Äischdall-Helpert

Pastoralteam
Equipe pastorale

---

# Parzenter – Centre paroissial

**61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH**

**☎ 20 80 02 60 aischdall-helpert@cathol.lu**

**Bürostonnen:**
freides vun 14 bis 17 Auer
(Den Telefon ass dagsiwwer besaat vun 8 bis 18 Auer).

(oder iwwer Email oder op Rendez-Vous)

Abbé **Joël Santer**, Paschtouer ☎ 26610403 joel.santer@cathol.lu
Abbé **Jos Halsdorf**, Diakon ☎ 20800260 jos.halsdorf@cathol.lu

**Telefon am Noutfall: ☎ 621966429**
z.B. bei engem Stierwfall, baussent de Bürostonnen.

Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:
**30. August 2024 um 12 Auer!**

Parbréif 4/24 gët an enger Oploo vun 700 Stéck gedréckt.
www.gemeindebriefdruckerei.de (verwendetes Papier aus nachhaltiger Forstwirtschaft)

De nächste Parbréif N°5/24 geet vum 16. September bis den 27. Oktober 2024

**Impressum:**
Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord"
61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

**https://cathol.lu/aischdall-helpert**

Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

# Eemol an der Woch Vakanz – um Sonndeg

*Gedanken zur Grousser Vakanz*

D'Grouss Vakanz steet virun der Dir, fir vill och aarbechtsfräi Wochen. Fir dëse Parbréif hunn ech d'Thema „Eemol an der Woch Vakanz – um Sonndeg" erausgesicht. D'Bedeitung vum Sonndeg huet sech an eiser Gesellschaft an deene leschte Joren a Jorzéngten massiv verännert, an domatt och d'Gestaltung vun dësem Dag. War e fréier dee vun der Majoritéit vun de Leit unerkannten „Dag vum Här" – italienesch „Domenica" – den éischten Dag vun der Woch, sou ass de Sonndeg haut am Bewosstsinn vun de Leit villméi Deel vum Weekend. Grad sonndes muss all daat gemaach a nogeholl ginn, wat während der Woch leie bliwwen ass. An et schéngt, wéi wann d'Coronazäit dës Entwécklung nach verstäerkt hätt: D'Aarbecht am Homeoffice, de feelende Trajet zur Aarbechtsplaz hunn d'Grenzen zwëschen de Wiertesdeeg an dem Sonndeg weider verwëscht. Och d'Bewosstsinn, dass de Sonndeg dat wöchentlecht klengt Ouschterfest vun de Chrëschten ass, huet duerch déi coronabedingten Aschränkungen am Gottesdéngscht weider gelidden.

Grond genuch, sech Gedanken iwwer de Sonndeg ze maachen. Sech ureegen ze loossen, dem éischten Dag an der Woch dee Stellewäert ze ginn, deen ë verdéngt. Well dësen Dag ass ee wäertvolle Kado. Hië schenkt äis Zäit, fir dem Härgott an de Matmënschen ze begéinen an Zäit fir äis selwer ze hunn. Een Dag an der Woch soll sech vun allen aneren ënnerscheeden. Dat huet den Härgott um  Ufank vun der Welt, wéi hiën d'Äerd erschaaf huet, virgemaach. Eemol an der Woch Vakanz – um Sonndeg. Sou wënschen ech Iech, dass d'Sonndeger Är wöchentlech Vakanzdeeg ginn, fir Geescht, Kierper a Séil.

An ech wënschen Iech alleguerten och eng schéi Vakanz! Huelt Iech Vakanz vun der Aktivvakanz, Vakanz wéi den Herrgott um siiwenten

Schöpfungsdag: Einfach nëmmen do an der Sonn leien, den Himmel kucken an d'Welt spieren. Versicht, aus dem Trubbel vum Alldag erauszeklammen, fir ze entschleunigen. Villäicht ass dat och d'Geleeënheet, sech nei op Gott anzeloossen. Et ass derwäert, dat auszeprobéieren.

Merci soën wëll eiser Katecheesekipp, déi dëst Joer an der Vakanzenzäit Summeraktiviéiten fir Grouss a Kleng organiséiert. Dat hëlleft d'Gemeinschaftsgefill ze stäerken. Grad an der Vakanz, wou mer ë bësse méi Zäit sollen hunn, kann dat eiser Communautéit gutt doën. Mä ouni eis Bénévoll wier dat nët méiglech.

An dësem Sënn, Iech alleguerten ganz einfach eng schéi Vakanz. An hoffentlech gesi mer eis am September gesond erëm, fir zesummen ee neit Joer voller Abenteuer mam Herrgott ze erliewen.

Abbé Joël Santer
Paschtouer



# Gottesdéngschtuerdnung

## fir d'Wochen vum 15. Juli bis de 15. September 2024

Méindeg, 15.07.24 Hl. Bonaventura, + 1274

44. Joresdag vun der Kierchwei zu Habscht

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M73).

17:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedungsowend.

19:00 **Bruch/Parzenter:** Grillowend fir all déi Bénévol aus der ganzer Par.

Dënschdeg, 16.07.24 (Muttergottes vum Bierg Karmel)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (T).

Mëttwoch, 17.07.24

15:30 **Biissen:** Begriefnis, uschléissend Begriefnismass fir Catherine Saurfeld-Bausch.

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 18.07.24

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass **- mat Spendung vun der Krankesalbung -** fir Ben Schaaf.

No all Mass donneschdes geet den Här Paschtouer mat der Krankekommioun an/oder fir Krankesalbung d'Leit an d'Zëmmeren an der Seniorenresidenz an an de CIPA besichen. Wa gäre eng Persoun op d'Visiteléscht nei derbäikomme wëlle, brauch si sech nëmmen an der Rezeptioun oder am Parsekretariat ze mellen.

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

Freideg, 19.07.24

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir déi arem Séilen am Feegfeier. Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (10 Auer).

## 16. Sonndeg am Joreskrees B

Äussert Patronatsfest vun der Kierch vu Rued/Äisch (Kiermes)

Samschdeg, 20.07.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 6. Wochemass fir Elly Gousenbourger-Meyers / 5. Joermass fir Margot Laschette-Biwer / Stëftung fir d' Verstuerwen vun der Famill Bock-Linster.

19:30 **Rued:** Virowendmass als feierlech **Kiermesmass** zur Éier vum hellegen Donatus, fir all liewend a verstuerwen Awunner vu Rued / fir Marie Weiler-Closter.

Sonndeg, 21.07.24

09:00 **Äischen:** Gemeinschaftsmass als 6. Wochemass fir Ginette Schmit.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir Fernand Weber.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir eis Par mat hiere Kierchen!*

Méindeg, 22.07.23 Fest vun der helleger Maria Magdalena

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M74).

Dënschdeg, 23.07.24 Fest vun der helleger Birgitta vu Schweden (+1374) Schutzpatréinesch vun Europa

15:00 **Iechternach/Krypta:** Mass um Graw vum hellege Willibrord, mat de Kanner aus eiser Par (am Kader vun de Summeraktivitéiten).

Mëttwoch, 24.07.24 (Hl. Christophorus, + ëm 205 & Hl. Scharbel Mahlûf, + 1898)

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.



Äischdall-Helpert
St-Willibrord

# Iechternach Trip

**23. Dënschdeg Juli**

**Programm:**

- 13.30h Départ zu Bruch
- 15.00h Mass um Graw vum Hl.Willibrord
- 16.00h op de Spuere vum hl. Willibrord
- 17.00h Glace iessen
- 18.00h Spaass beim Séi, op der Spillplatz spillen
- 20.00h Mir fueren heem
- 21.00h Mir sinn zu Bruch

**Umellung gären och mat den Elteren bis den 15. Juli**
**aischdall-helper@cathol.lu**

St Willibrord Äischdall-Helpert



Donneschdeg, 25.07.24 **Fest vum hl. Apostel Jakobus den Eeleren**

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M75).

Freideg, 26.07.24 Helleg Joachim an Anna, Elteren vun der Gottesmamm Maria

18:00 **Äischen:** Rousekranzgebiet fir Erneierung vun eiser Par.

18:30 **Äischen:** Pilgermass zur Éier vun der Schmäerzensmamm, op Meenung (M76).
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 19:30 Auer).



Anna Selbdritt- Duerstellung
(Helleg Anna mat hierer Duechter, der Gottesmamm Maria an hierem Enkel Jesus Christus)
Foto: Friedbert Simon / pfarrbriefservice.de

Samschdeg, 27.07.24

11:30 **Bruch:** Daffeier fir Luciano Cerabino.

# 17. Sonndeg am Joreskrees B

Anekiermes zu Säll (kleng Kiermes)

Samschdeg, 27.07.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Pierre Ledesch a fir d'Verstuerwen vun der Famill Ledesch-Thein / fir Jean a Colette Zimmer-Kellen.

19:30 **Säll:** Virowendmass op Meenung (M77).
Uschléissend: **Bittprëssessioun** op Kapweiler.

Sonndeg, 28.07.24

09:00 **Simmer:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M78).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir Józef a Maria Szczepaniak.

12:30 **Habscht:** Daffeier fir Ella Wagner.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir eis Par mat hiere Kierchen!*

Méindeg 29.07.24 Helleg Martha, Maria a Lazarus vu Betanien

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M79).

Dënschdeg, 30.07.24 (Hl. Petrus Chysologus, +450)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir Martha Konsbrück-Schmit.

Mëttwoch, 31.07.24 Hl. Ignatius vu Loyola, + 1556

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.


Donneschdeg, 01.08.24 **Petri Ketten**

Haaptpatréiner vun der Kierch vun Äischen

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M80).

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

18:30 **Bëschdref:** Mass op Meenung (M81).



Den hellege Péitrus a Ketten.
Duerstellung um Héichaltorer an der Kierch zu Äischen.
(Foto: J. Santer)

<u>Freideg, 02.08.24</u> (Hl. Eusebius, + 371 &
hl. Petrus Julianus Eymard, + 1868)
<u>1. Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)</u>

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Thérèse Santer-Kerg.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (10 Auer).



<u>Samschdeg, 03.08.24</u>

11:30 **Bruch:** Daffeier fir Levi a Luca Da Silva Quintos.

St Willibrord Äischdall-Helpert

Äischdall-Helpert
St-Willibrord

Umellung
bis de 15. Juli
aischdall-helper@cathol.lu

# Summer Camp

# 3./4. SAM-SON AUGUST

Programm:

- 15.00h Rallye
- 16.00h Mir planzen Kraider wéi zur Zäit vun der Hl. Hildegard vu Bingen
- 17.00h Mir sange fir Fridden – Da berühren sich Himmel und Erde
- 18.00h Mam Bus an d´Mass op Biissen
- 19.00h Gemeinsamt Owesiessen mat Gebiet
- 21.00h Film Nuecht
- 22.30h Luucht aus
- 7.30-8.00h Moiesiessen Croissant+Früchte

Spaghetti Bolognese

## 18. Sonndeg am Joreskrees B

Äussert Kierchwei- a Patronatsfest vun der Kierch vun Äischen (Kiermes)

Samschdeg, 03.08.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Här a Madamm Tomé Rodrigues.

Sonndeg, 04.08.24

09:00 **Äischen: Tëleesmass** als feierlech **Kiermesmass** zur Éier vum hellege Péitrus, fir all liewend a verstuerwen Awunner vun Äischen an aus der Gäichel.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir Camille an Anna Schartz-Koedinger.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir d'Kierchen am Hellege Land!*

Méindeg, 05.08.24 (Kierchweifest vun der Äerzbasilika Santa Maria Maggiore zu Roum)

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M82).

Dënschdeg, 06.08.24 **Fest vun der Verklärung vum Jesus**

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (W).

Mëttwoch, 07.08.24 (Hl. Xystus II., + 258 & Hl. Kajetan, + 1547)

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 08.08.24 Hl. Dominikus, + 1221

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M83).

Freideg, 09.08.24 **Fest vun der hl. Edith Stein**
Schutzpatréinesch vun Europa

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir Margy Petry.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (10 Auer).

18:00 **Biissen:** Daffeier fir Léini Heirandt.

## 19. Sonndeg am Joreskrees B

Samschdeg, 10.08.24 **Fest vum hl. Diakon Laurentius, + 258**
Niewepatréiner vun der Kierch vu Biissen

18:00 **Biissen:** Virowendmass op Meenung (M84).

Sonndeg, 11.08.24

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass **– mat Seene vum Krautwësch –** fir Hary a Susanne Espen-Bonifas / fir Poli Neu, fir Jempi a Marceline Neu-Reiland a fir Nicolas a Marguerite Reiland-Schmidt.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir René an Agnès Schroeder-Fisch / fir Jean Wester.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir eis Par mat hiere Kierchen!*

Méindeg, 12.08.24

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M85).

Dënschdeg, 13.08.24 (Hll. Pontianus & Hippolyt, + 235)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M86).

Mëttwoch, 14.08.24 Hl. Maximilian Kolbe, + 1941

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.



Foto: Christian Schmitz / pfarrbriefservice.de

# Héichfest Mariä Himmelfaart B

## Léiffrawëschdag – Krautwëschdag

Titelfest vun der Kierch vu Säll

Mëttwoch, 14.08.24

18:30 **Äischen:** Virowendmass **– mat Seene vum Krautwësch –** op Meenung (M87).

20:30 **Biissen/Wobierg:** Virowendmass **– mat Seene vum Krautwësch –** fir verstuerwen Elteren a Gesëschter vun der Famill Klos-Kohl. Uschéissend: **Liichterprëssessioun** iwwer de Wobierg.

Donneschdeg, 15.08.24

09:00 **Säll:** Houmass **– mat Seene vum Krautwësch –** op Meenung fir d'Par / Joermass fir eise fréiere Paschtouer, Pater Camille Ferber scj.

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz "Am Park":** Festmass op Meenung (M88).

*Kollekt fir eis Par mat hiere Kierchen!*



Freideg, 16.08.24

Hl. Rochus vu Montpellier, + 1327

Niewepatréiner vun der Kierch vu Simmer

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M89).
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (10 Auer).

## 20. Sonndeg am Joreskrees B

Äussert Kierchweifest vun der Kierch vu Simmer (Kiermes)

Samschdeg, 17.08.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass op Meenung (M90) / 6. Wochemass fir Aloyse Assa an 10 Joermass fir Pauline Assa-Wagner / 6. Wochemass fir Joseph Bretz.

Sonndeg, 18.08.24

09:00 **Simmer:** Feierlech **Kiermesmass** fir all liewend a verstuerwen Awunner vu Gräisch, Iener a Simmer / fir Anita Ries-Gregorius.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir eis Par mat hiere Kierchen!*

Méindeg, 19.08.24 (Hl. Johannes Eudes, + 1680)

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Dënschdeg, 20.08.24 Hl. Bernhard vu Clairvaux, + 1153

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Mëttwoch, 21.08.24 Hl. Poopst Pius X., + 1914

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 22.08.24 Maria Kinnigin

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Wuertgottesdéngscht.

Freideg, 23.08.24 (Hl. Rosa vu Lima, + 1617)

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Samschdeg, 24.08.24 **Fest vum hl. Apostel Bartholomäus**

707. Joresdag vun der Kierchwei zu Simmer

11:30 **Äischen:** Daffeier fir Léa Neuberg.

## 21. Sonndeg am Joreskrees B

Samschdeg, 24.08.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 6. Wochemass fir Catherine Saurfeld-Bausch / fir Pierre Ledesch a fir d'Verstuerwen vun der Famill Ledesch-Thein / fir Här a Madamm Henrique Rodrigues.

Sonndeg, 25.08.24

09:00 **Äischen:** Gemeinschaftsmass fir Célestin Lommel.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir eis Par mat hiere Kierchen!*

Méindeg, 26.08.24

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Dënschdeg, 27.08.24 — Hl. Monika, + 387

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Mëttwoch, 28.08.24 — Hl. Augustinus, + 430

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 29.08.24 — Kierchweifest vun der Kathedral vu Lëtzebuerg

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

Freideg, 30.08.24

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

## 22. Sonndeg am Joreskrees B

Äussert Kierchweifest vun der Kathedral vu Lëtzebuerg (Kiermes)

Samschdeg, 31.08.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Jean a Colette Zimmer-Kellen.

Sonndeg, 01.09.24

09:00 **Habscht: Tëleesmass** fir Jean Schmit a fir Jean Leyen.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par,

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir eis Par mat hiere Kierchen!*

Méindeg, 02.09.24

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Dënschdeg, 03.09.24

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Mëttwoch, 04.09.24

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 05.09.24 (Hl. Teresa vu Kalkutta, + 1997)

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M91).

18:30 **Bëschdref:** Mass als Stëftung fir Jean a Marie Gonderinger-Niedercorn a Famill.

Freideg, 06.09.24 1. Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)



09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als 2. Joermass fir Abbé Paul Emeringer. Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (10 Auer).

## 23. Sonndeg am Joreskrees B

Patronatsfest vun der Kierch vu Béiwen/Atert (Kiermes)

Samschdeg, 07.09.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass op Meenung (M92).

Sonndeg, 08.09.24 **Fest Mariä Gebuert**

Titelfest vun der Kierch vu Béiwen/Atert

09:00 **Simmer:** Gemeinschaftsmass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Peschong (Ka).

10:30 **Béiwen:** Feierlech **Kiermesmass** zur Éier vun der Gottesmamm Maria, als Houmass op Meenung fir d'Par / fir all liewend a verstuerwen Awunner vu Béiwen, der Bill, aus dem Fënsterdall a vum Gréiweknapp / fir Camille Graaff (bestallt vun der FE026) / fir Leo a Mike Pick.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir eis Par mat hiere Kierchen!*

Méindeg, 09.09.24 (Hl. Petrus Claver, + 1654)

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M93).

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedung.

Dënschdeg, 10.09.24

17:00 **Wecker:** Mass zur Éier vum hellegen Tarzisius, mat de Massendénger an de Kanner aus eiser Par (am Kader vun de Summeraktivitéiten).



# Äischdall-Helpert St-Willibrord

# Wecker Trip

## 10. September

**Programm:**

- 14.00h Départ zu Bruch
- 15.00h Päiperlécksgaart
- 17.00h Mass an der Heemechtskierch vun eisem Här Paschtouer mat der Iwwereechung vun de Kräizer
- 18.00h Mir ginn eppes leckeres zesummen iessen
- 20.30h Mir fueren heem
- 21.30h Mir sinn zu Bruch

**Umellung gären och mat den Elteren**

**bis den 15. Juli**

**aischdall-helper@cathol.lu**

Mëttwoch, 11.09.24

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 12.09.24 (Mariä Namen)

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Winandy-Boden.

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

Freideg, 13.09.24 Hl. Johannes Chrysostomus, + 407

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

## 24. Sonndeg am Joreskrees B

Samschdeg, 14.09.24 **Fest Kräizerhéichung**

Titelfest vun der Wobiergskapell zu Biissen

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Cécile Bock-Linster a fir d'Verstuerwen vun de Familljen Bock a Linster / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Kass, Erpelding a Boever.

Sonndeg, 15.09.24 **Schmäerzen vu Maria (Mater dolorosa)**

Titelfest vun der Renterterkapell zu Äischen

09:00 **Äischen:** Gemeinschaftsmas als Stëftung fir Ella Reding.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir Raymond Heinz.

11:45 **Bruch/Wiss niewent der Kierch:** Kannermass zum Schoulufank op Meenung (M94).

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

*Kollekt fir eis Par mat hiere Kierchen!*

# Ausruffung fir d'Sakrament vum Bestiednis

Folgend Chrëschten aus eiser Par wëlle sech kierchlech bestueden (d'Hochzäiten mussen – dem Kircherecht no – an däer Par publizéiert ginn, wou d'Brautleit wunnen):

1. MARCHITELLI Andrea & IEVA Anna, allebéid vun Huelmes:
   D'Hochzäitsmass ass e Donneschdeg, den 8. August 2024, an der Helleg-Geescht-Kierch zu Trani (Äerzdiözees Trani Barletta Bisceglie, Italien).

2. DE PINHO LUCAS Daniel & MONEIRO Mélissa, allebéid vu Bruch:
   D'Hochzäitsfeier ass e Samschdeg, den 10. August 2024, an der Kierch zu Sintra (Patriarchat Lissabon, Portugal).


3. DOS SANTOS MONTEIRO Sandro & PEREIRA SILVA Cátia Sofia, allebéid vu Bruch:
   D'Hochzäitsfeier ass e Samschdeg, den 10. August 2024, an der Kierch zu Ilha Helenos Pombal (Diözees Coimbra, Portugal).

4. DA CONCEICAO DA SILVA Dany & PEDRO DA SILVA Ana Rita, allebéid vu Bëschdref:
   D'Hochzäitsmass ass e Samschdeg, de 7. September 2024, an der Kierch zu Luso (Diözees Coimbra, Portugal).



# Aus eiser Par:

- Mir sinn amgaangen, och eis Kierchen ënnertenaner ze vernetzen, fir Synergien zu Bündelen. Duerfir een Opruff: hudd Dir **Blummen fir eis Kierchen ze dekoréieren,** sou kënnt Dir déi während der Permanencestonnen freides vu 14 bis 17 Auer am Parzenter ofginn, oder wann Dir iwwer Email ee Rendez-Vous mam Parsekretariat ofgmaacht, och gären zu engem anere Moment. Hudd Dir keng Geleeënheet, op Bruch ze kommen, sou komme mir d’Blummen och gären bei Iech heem sichen. Dir däerft och gären een Don fir Blumme maachen. De Kontosnummer kritt Dir, wann Dir Iech am Parekretariat mellt.
- Zu Äischen an zu Biissen hu mer jo Parsäll, déi eis zur Verfügung stinn. Firwat nët sech do treffen, fir iwwer Glaawen a Bibel ze schwätzen? Schéi wier et, wa mer esou Treffen an deenen zwou Uertschaften kéinnten organiséieren. Wann Interessenten do sinn, déi gären mam Här Paschtouer oder mam Här Diakon an d’Gespréich komme wëllen, solle si nët zécken, sech am Parsekretariat (Tel.: 20800260 / Email: aischdall-helpert@cathol.lu) ze mellen. Da kënne mer zesumme kucken, wéini mer eis treffen.
- Datselwecht gëllt natierlech och fir zu Bruch am Parzenter. D’Méiglechkeet besteet, fir als Grupp zesummenzekommen, fir iwwer Glawen, Bibel, Sakramenter, Kierchsinn ze schwätzen. Zéckt nët Iech bei Interessi einfach am Parsekretariat ze mellen.
- Et besteet dee flotte Brauch, Wunnengen oder Haiser aseenen ze loossen. Mellt Iech duerfir am Parsekretariat (Tel.: 20800260).
- Gäre komme mir bei déi Krank heem fir een Hausbesuch, oder och fir d’Krankekommioun, d’Krankesalbung oder d’Krankebeicht. Zéckt nët, bei eise Geeschtlechen oder am Parsekretariat no engem Rendez-Vous ze froën.
- Massintentiounen kënne bestallt ginn am Parsekretariat zu Bruch oder duerch Iwwerweisung op eise Massekont (LU31 1111 2577 0270 0000).



## UMELDUNG FIR D'KATECHEES 2024-2025

### INSCRIPTION POUR LA CATÉCHÈSE 2024-2025

Dir kënnt är Kanner bei eis fir d'Katechees am Schouljoer 2024/2025 umellen, an zwar bis den 30. September 2024.

Sinn Är Kanner dëst Joer schon an der Parkatechees ugemellt, da bestätegt eis dat w.e.g. per Email.



Vous pouvez inscrire vos enfants à la catéchèse pour la prochaine année scolaire 2024/2025 jusqu'au 30 septembre 2024.

Au cas si vos enfants ont déjà fréquenté la catéchèse paroissiale cette année scolaire, veuillez confirmer s.v.p. par Courriel l'inscription.

*Katechees*

Email: aischdall-helpert@cathol.lu
Tel: 20 80 02 60

**Eis Katecheesen / Nos catéchèses :**

Cate Bambini: fir d'Kanner vun 0 - 6 Joer
pour les enfants de 0 - 6 ans

Cate 1: Aféirungsjoer
année d'initiation

Cate 2: 2. & 3. Joer Katechees
2e & 3e année catéchétique

Cate KO: fir d'Kanner, déi d'Kommioun maachen an am 3. Joer vun der Katechees sinn
les enfants qui feront leur communion dans leur 3ième année de catéchèse

Cate 3: 4. & 5. Joer Katechees
4e & 5e année catéchétique

Cate 4: fir d'Jugendlecher ab dem Lycée
pour les jeunes à partir du lycée



*„Wir müssen darauf bestehen, den Kern der Katechese zu verdeutlichen: Der auferstandene Jesus Christus liebt euch und lässt euch niemals im Stich!*

*-Papst Franziskus*

# Desakraliséierung vun der Kapell St. Jousef vu Schweebech

Mat engem Dekret vum 7. Juni 2024 huet eisen Här Äerzbëschof, de Kardinol Jean-Claude Hollerich, d’Kapell vu Schweebech (Gemeng Säll) entweit. Nodeems d’Gesetz vum 13. Februar 2018 a Kraaft getrueden ass, mat deem d’Bestëmmung vun de Gotteshaiser – déi de Gemenge gehéieren - gereegelt gëtt, gouf keng Konventioun fir déi Schweebecher Kapell ofgeschloss. Dee leschte Gottesdéngscht gouf am Fréijoer 2019 hei gefeiert, an zanter Januar 2020 haate mir als Par keen Zoutrëtt méi zu dësem Gotteshaus. An eis gréisste Suerg: et ass keng chrëschtlech Communautéit méi op der Plaz.

D’Gesetz gesäit vir, dass mat der Desakralisatioun (Profanéierung vum Gotteshaus) déi geweite Kierch vun hierer Wei an hierer Affektatioun entbonnen ass, an d’Gemeng elo d’Recht huet, iwwer eng zukünfteg Notzung vun dëser fréierer Kapell ze bestëmmen. D’Kapell mat hierem Altoer ass entweit. Si ass also kee Gotteshaus méi. D’Kierchwei (Kiermes) ass domatter ogehuewen, an och d’Patrozinium vum hellege Jousef ass opgehuewen.



Fréier Kapell St. Jousef vu Schweebech.
(Foto: Him Wanderscheid / intranet.cathol.lu)

N° Désacr. - 026/2024

**Jean-Claude Cardinal Hollerich**
**Archevêque de Luxembourg**

**Décret archiépiscopal portant réduction à l'usage profane de la chapelle Saint-Joseph de Schwebach de la paroisse « Äischdall-Helpert Saint Willibrord »**

Vu les canons 1212, 1222 §2 et 1238 §2 ;

Vu les articles 10, 11, paragraphes (2) et (3), 13 et 15 de la « loi du 13 février 2018 sur la gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique, ainsi que sur l'interdiction du financement des cultes par les communes » ;

Vu l'extrait du registre aux délibérations du Conseil de gestion paroissial (CGP) de la paroisse « Äischdall-Helpert Saint-Willibrord » du 29 janvier 2024 avisant favorablement et à l'unanimité la désaffectation de la chapelle Saint-Joseph de Schwebach ;

Vu l'extrait du registre aux délibérations de la Fabrique d'église de la commune de Saeul du 29 janvier 2024 avisant favorablement et à l'unanimité la désaffectation de la chapelle Saint-Joseph de Schwebach ;

Vu l'extrait du compte-rendu de la réunion de l'équipe pastorale en charge de la paroisse « Äischdall-Helpert Saint-Willibrord » du 19 mars 2024 (lettre du 22 mars 2024) proposant à l'unanimité de ne plus se servir de la chapelle Saint-Joseph de Schwebach pour les services religieux et marquant son assentiment concernant sa désaffectation ;

Vu l'extrait du compte-rendu de la réunion du Conseil pastoral paroissial (CPP) de la paroisse « Äischdall-Helpert Saint-Willibrord » du 22 janvier 2024 (lettre du 27 avril 2024) avisant favorablement et à l'unanimité la désaffectation de la chapelle Saint-Joseph de Schwebach ;

Considérant que la chapelle Saint-Joseph de Schwebach inscrite au cadastre de la **commune de Saeul, section A de Schwebach, sous le numéro cadastral 223/1204, lieu-dit « Haaptstrooss », édifice religieux, contenant 1,11 are** est répertoriée comme propriété communale sur le relevé de l'annexe II de la loi susmentionnée et n'est pas inscrite sur le relevé de l'annexe III de la loi en question et que l'accord préalable de l'Archevêché n'est donc pas requis pour dégrever la chapelle de sa finalité cultuelle ;

Considérant les décrets archiépiscopaux N° Désacr. 004/2020 et N° Désacr. 005/2020 du 9 janvier 2020 portant réduction de la chapelle Saint-Remacle de Ehner respectivement de la chapelle Sainte-Anne de Kapweiler sises en la commune de Saeul ;

Considérant que d'après le relevé de l'annexe II de la loi du 13 février 2018, il existe dès lors encore deux édifices religieux situés sur le territoire de la commune de Saeul ;

N° Désacr. - 026/2024

Considérant dès lors que le libre exercice du culte catholique par la communauté locale de la paroisse n'est pas directement menacé par le dégrèvement de la chapelle Saint-Joseph de Schwebach ;

Entendu l'avis favorable du Conseil presbytéral ;

**décrète**

1. la réduction à l'usage profane, sans qu'il ne puisse cependant être inconvenant, de la chapelle Saint-Joseph de Schwebach conformément aux canons 1212 et 1222 §2 CIC ;

2. la perte de la dédicace des autels conformément aux canons 1238 §1 et 1212 CIC.

**demande**

au « Fonds de gestion des édifices religieux » à faire connaître sa décision de garder ou non le mobilier de la chapelle Saint-Joseph de Schwebach à la commune de Saeul, conformément à l'article 13 de la « loi du 13 février 2018 sur la gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique, ainsi que sur l'interdiction du financement des cultes par les communes ».

que le présent décret soit
- porté à la connaissance des fidèles de la paroisse ;
- notifié à la Commune de Saeul ;
- notifié aux responsables du « Fonds de gestion des édifices religieux » (Kierchefong) ;
- publié au bulletin diocésain.

Luxembourg, le 7 juin 2024

+ Jean-Claude

Jean-Claude Cardinal Hollerich
Archevêque de Luxembourg

d.m.

Roger Nilles
Chancelier

Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique
KIERCHEFONG

# SOS

## Ënnerstëtzt d'kathoulesch Kierch an eiser Par

1. **CGP09: fir d'Pastoral an der ganzer Par:**
   **LU13 0019 5055 9546 1000**

   Pay mobile with payconiq

2. **FE025: fir d'Kierchegebaier an der Gemeng Biissen:**
   **LU04 0019 3400 0024 8000**

   Pay mobile with payconiq

3. **FE026: fir d’Kierchegebaier an der Gemeng Helperknapp**
   **LU51 1111 0414 7960 0000**

4. **FE027: fir d’Kierchegebaier an der Gemeng Sëll**
   **LU32 0090 0000 2025 0601**

5. **FE028: fir d’Kierchegebaier an der Gemeng Habscht**
   **LU46 1111 0818 8214 0000**

**All Donateur kritt ee Certificat vum Kierchefong fir bei d’Steiererklärung ze leeën.**

Fonds d'avenir

*Zesumme fir d'Kierch vu muer*

# D'Kierch vu muer brauch eis all!

Vun 2024 un iwwerhëlt d'**Fondatioun Sainte-Irmine** via de Fonds d'avenir éischt Paie vu jonke Priister a Laien am pastoralen Déngscht, déi zanter dem Akraafttriede vun den neie Relatiounen tëscht Staat a Kierch vum Bistum **fir déi pastoral Besoine vun der Äerzdiözees** agestallt goufen.

**Ënnerstëtzt och Dir den Zukunftsfong vun der Kierch mat engem Don: CCPL LU79 1111 7038 7846 0000**

*D'Done kënne vun de Steieren ofgesat ginn.*

**Villmools Merci fir all Geste!**

Infoen op https://irmine.lu

## Un scan, un don

- Scannez ce QR code Payconiq
- Entrez le montant de votre don
- Validez votre don avec votre Face ID, votre empreinte digitale ou votre code PIN

Fondation Sainte-Irmine


Fonds d'avenir

payconiq

St. Willibrord Äischdall-Helpert

# https://cathol.lu/aischdall-helpert

**Op eiser Homepage fannt Dir ëmmer déi aktuellst Neiegkeeten aus eiser Par!**




POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
Mir stinn lech zur Säit fir Äert Graf vun Äre léiwe Verbliwwenen ze ënnerhalen. Schéi Blummen, ofwäschen oder nei ausfouen.
ETERNUM
288 055 00
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu

SOPINOR CONSTRUCTIONS SA

CAP Construction
Art et Pavés · Groupe SOPINOR

SOPI THERME
CHAUFFAGE / SANITAIRE / VENTILATION

SOPI FAÇADES
FAÇADES / PARACHÈVEMENT

## Conception et maîtrise de votre projet, construction et rénovation, clefs en main!

L'entreprise SOPICONCEPT SA, entreprise luxembourgeoise, dynamique qui tient sa force de sa pluri discipline dans les différents travaux qu'elle a à sa charge.

Depuis la création de l'entreprise en 2015, nous collaborons sur des travaux d'envergure et de typologies diverses alliant le savoir-faire interne au groupe SOPINOR, et de toutes les sociétés du groupe avec qui nous maîtrisons 70 % des travaux en interne.

Ensemble, au travers d'un parc matériel important (camions, camionnettes, chargeur etc…), de la présence de près de 500 collaborateurs riches en expériences allant du terrassement aux finitions et aux divers travaux de gros œuvres

SOPI CONCEPT
CONSTRUCTION / RENOVATION

info@sopiconcept.lu / Tel: +352 26.57.80-1
70 , Z.I. Um Monkeler L-4149 Schifflange

**www.sopiconcept.lu**

El Payador

RESTAURANT SUDAMERICANO

2, rte. de Finsterthal
L-7769 Bissen

Tel: 26885135
Fax: 26887235

www.elpayador.lu - info@elpayador.lu



*Restaurant-Brasserie*
*Am Hennesbau*
*15 c rue de la Fail*
*L-9175 Niederfeulen*
Tel.: 26 90 45 77 ou
info@deklautjen.lu

Depuis 30 ans déjà !

# Hélène Grober

Agence immobilière s.à r.l.

www.immo-grober.lu - Tél.: 40 97 90

**ACHAT - VENTE - LOCATION - PROMOTION - CONSTRUCTION**

**NOUVELLES CONSTRUCTIONS A MOESTROFF ET EISCHEN**



MOESTROFF - Rue de l'église, reste 2 maisons en vente



EISCHEN – Rue Bourg, reste 1 appartement

**Mir sichen och Terrain'en, Appartementer an Haiser (al oder rezent) fir direkt ze kafen. Ouni Käschte fir de Verkeefer.**

**Tél.: 40 97 90**

**Autres projets en vente ou à venir* :**

**BELVAUX (6 maisons) – EISCHEN* (Appartements)**
**LEUDELANGE* (2 maisons) – HAGEN* (2 maisons)**

… et beaucoup d'autres objets en vente ou en location à découvrir sur www.immo-grober.lu

SERVICE RAPIDE ET SOIGNE | DEPUIS 1992 ANS A L'ECOUTE DU CLIENT


Wagner
pompes funèbres
Tél : 32 92 27 (24/24)
45, rue Principale
L-7595 Reckange/Mersch
pfwagner@pt.lu
Au service des défunts et de leurs familles en deuil
24/24 heures pendant toute l'année
• Grande et nouvelle exposition permanente de cercueils et d'urnes en toutes catégories de prix
• Mise en bière des défunts en toute dignité et en respect de la famille et des alliés
• Réalisation de toutes démarches et formalités administratives et techniques
• Transports nationaux et internationaux
• Incinération sans adhérence à une société
• Fleurs et accessoires